# Télévie Galadinner
## op der Marie-Astrid

Obligatoresch Umeldung bis de **15. Mäerz** - Entente Touristique de la Moselle ënnert der Telefonsnummer: (+352) 75 82 75.

Als definitiv Umeldung gëllt d'Iwwerweisung vun 125€ pro Persoun op de Konto vun der Entente Touristique de la Moselle
IBAN LU14 1111 1224 4430 0000 - Code BIC: CCPLLULL
mam Vermierk: Télévie, de Numm vun der Persoun op déi d'Reservatioun leeft an eng Telefonsnummer.

D'Plaze si limitéiert.

**Organisateur:**
Organisatiounscomité vum Centre de Promesses Télévie Waasserbëlleg (televie@mertert.lu)

Ruppert Drinks and more 76 00 81-1 | www.ruppert.lu

**Samschdes** den **20 Abrëll** ass grousse Télévie-Dag zu Waasserbëlleg beim Centre Culturel

**Animatioun:** Moselle Valley Brass Band, Spirit of the Highlands Pipes & Drums, Kannerchouer Sauerquakerten, Saxitude, Show-Cooking mam Joël Schaeffer, Kanneranimatioun a villes méi.

**Weider um Programm:**

**9:00 - 10:15 Auer** Motoclub Kayldall
**11:45 - 13:30 Auer** Kiwanisbus
**16:30 - 18:00 Auer** Fussballmatch Dreamteam
**19:00 Auer** grouss Scheckiwwerreechung mat live Iwwerdroung op RTL

**Weider Infoen op:** *https://mertert.lu/citoyen/televie/* an op Facebook

# Télévie Galadinner
## op der Marie-Astrid





**Clovis Degrave**
*Jeune Chef de l'Année 2024*
*Gault & Millau*

## Freides den 22. Mäerz 2024

Embarquement zu Waasserbëlleg
um Quai op der Musel ab 19:00 Auer

Croisière op der Musel vun 19:30 - 00:30 Auer

Musikalesche Programm: Singers Unlimited

GRÜNEWALD Chef's Table

# Aktioun Télévie

*Firwat sollt Dir den Télévie ënnerstëtzen?*

Bei eis am Land sinn et nämlech järlech méi ewéi 3.000 Erwuessener a Kanner, déi mat der Diagnose Kriibs konfrontéiert ginn. Eng Persoun vun 4 stierft u Kriibs. Kriibs kann am Laf vum Liewe jiddereen treffen. Déi meescht Patiente kënnen duerch en chirurgeschen Agréff geheelt ginn, mee et bleift awer leider nach e grousse Deel bei deenen dat net duergeet an d'Krankheet muss mat Bestralungen, Chemotherapie, Hormontherapie oder aner méi geziilte Methode behandelt ginn.

---

Och wann d'Fuerschung hei zu Lëtzebuerg an am Ausland an deene leschte Joere vill Fortschrëtter gemaach huet, stierwen nach ëmmer ze vill Leit u Kriibs. All Dag verléiere vill Familljen hei zu Lëtzebuerg eng Persoun duerch Kriibs, well d'Mecanismë vun där Krankheet nach net erfuerscht sinn. Fir de Kriibs nach besser kennen ze bekämpfen, muss d'Fuerschung aktiv vu jidderengem ënnerstëtzt ginn.

---

De Sënn an Zweck vum Télévie ass et fir d'Recherche géint de Kriibs a speziell d'Leukemie bei de Kanner virun ze bréngen. Dofir ass den Télévie 1989 an der Belsch lancéiert gi vum Fonds National de la Recherche Scientifique. Am Joer 2002 huet och Lëtzebuerg sech där grousser Aktioun ugeschloss an zanterhier hu Joer fir Joer dausende vu Leit ewéi Dir, sech fir den Télévie engagéiert. Säit dem Joer 2002 bis 2023 inclus konnten hei zu Lëtzebuerg iwwer 29 Milliounen Euro an d'Kriibsfuerschung investéiert ginn.

***Zesumme géint de Kriibs! Merci***

De **Chefkach Clovis Degrave** aus der Hostellerie Grünewald, ausgezeechent als *"Jeune Chef de l'Année 2024"* vum **Gault & Millau**, kacht fir Eech.

*(125€ pro Persoun inklusiv Gedrénks a Croisière. Den Erléis gëtt un Télévie gespent.)*

# Menu



***Apéritif***
Crémant de la Moselle

---

***Mise en bouche***
Tartelette sarrasin, topinambour et clémentine

---

***1re Entrée***
Raviole de champignons, émulsion fumée,
jaune d'oeuf confit au soja

---

***2e Entrée***
Sandre sauvage au naturel, beurre au caviar Baeri

---

***Plat***
Mignon de veau fondant au lard croustillant, potimarron
au vinaigre de cidre, jus à la sarriette

---

***Pré-dessert***
Sorbet bergamote et émulsion yaourt, huile vanillée

---

***Dessert***
Le miel du Luxembourg crémeux, sorbet sapin

---

***Boissons***
Vins et Softdrinks inclus